

	69^e séance	Présidence M. Jean Spautz , Président M. Jean Asselborn , Vice-Président
	Mercredi 11 juillet 2001	

Ordre du jour

1. Projet de loi 4588 modifiant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
2. Projet de loi 4751 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Islande tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 4 octobre 1999 (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
3. Projet de loi 4800 arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire (*Rapport de la Commission juridique - Discussion générale*)
4. Paroles de bienvenue au Secrétaire général de l'OECD, M. Donald Johnston
5. Projet de loi 4800 (*Suite - Lecture du texte du projet de loi*)
6. Projet de loi 4703 portant modification de certaines dispositions de la loi du 8 juin 1999 créant les fonds de pension sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
7. Projet de loi 4722 relatif au basculement en euro le 1^{er} janvier 2002 et modifiant certaines dispositions législatives (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
8. Projet de loi 4814 portant
 - transposition dans la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectif, de l'article 1^{er} de la directive 2000/64/CE modifiant les directives 85/611/CEE, 92/49/CEE, 92/96/CEE en ce qui concerne l'échange d'informations avec des pays tiers;
 - modification de l'article 76 de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectif (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
9. Projet de loi 4779 autorisant les interventions financières de l'Etat en faveur de la société de développement ayant pour objet la reconversion d'anciens sites sidérurgiques (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale*)
10. Dépôt d'une proposition de loi
11. Projet de loi 4779 (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
12. Projet de loi 4588 (*Suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
13. Projet de loi 4751 (*Suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
14. Projet de loi 4800 (*Suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
15. Projet de loi 4703 (*Suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
16. Projet de loi 4722 (*Suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
17. Projet de loi 4814 (*Suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Michel Wolter et Luc Frieden, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Mir kommen zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 4588 modifiant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier.

Ageschriwwen si bis elo déi Häre Krecké, Graas, Gibéryen, Bausch a Bisdröff.

De Rapporteur vum Projet de loi ass den Här Lucien Clement, deen elo direkt d'Wuert huet.

1. Projet de loi 4588 modifiant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Hären. Virun e bësse méi wéi zwee Joer hu mer hei an der Chamber d'Gesetz vum 23. Dezember

1998 iwwert d'Schafe vun der Commission de surveillance vum Secteur financier gestëmmt.

Ech erënneren drun, dass d'CSSF en Etablissement public ass. Dat heescht, datt d'Kommissioun eng Personnalité juridique huet, déi anescht ass wéi déi vum Stat. Dobäi kënnt och eng Finanzautonomie. Si ënnersteet der Autoritéit vum Finanzminister. Domadder ass d'CSSF d'Illustratioun vun enger administrativer Dezentralisatioun par services.

Hire Kompetenzberäich ass breet gefächert. Et sinn d'Surveillance prudentielle vun den Acteuren aus dem Finanzsektor an d'Iwwerwaachung vun de Marchés d'actifs financiers. Dat ass eng ganz technesch a komplex Matière.

Fir dëse Missioun gereicht ze ginn, brauch d'CSSF héichqualifizéiert Personal. D'Praxis huet gewisen, dass et schwéier ass fir d'CSSF dat Personal a genügender Zuel ze fannen. D'Konkurrenz mat de private Finanz-etablissementen ass grouss, well déi hire Leit op deem Niveau vläicht méi attraktiv Konditiounen oder Salaire bidde kënnen.

Hei dränge sech also Retouchen um Niveau vum Personal an dem Finanzement vun der CSSF op. Scho während de parlamentareschen Aarbechten zum Gesetz vum 23. Dezember 1998 ass doriwwer diskutéiert ginn. Et gouf awer zrëckbehalen, dass dës Retouchen net an dat Gesetz sollen integréiert ginn. De Grond dofir war, fir d'Akraafttriede vum Gesetz vum 1. Januar 1999 ze erméiglechen.

De Gesetzesprojet 4588, deem haut der Chamber zum Vote virläit, ännert d'Basisgesetz op dräi Punkten of. Et sinn dat d'Personal, d'Missiounen an de Finanzement vun der CSSF. Noënee ginn ech op déi dräi Punkte kuerz an.

D'Personalfroe ginn duech d'Artikelen 13 a 14 geregelt. De Projet proposéiert fir de Libellé an d'Struktur vun deenen Artikelen méi kohärent am Bezuch op d'Fonctionnairesrecht ze maachen an och méi transparent ze maachen.

Bis op e puer Ausnahmen orientéiert sech de Regim vum Personal vun der CSSF haaptsächlech um Statut vun de Statsbeamten, de Statsemployéen, respektiv de Staatsarbechter.

De Gesetzesprojet schwätzt vu Personnel assimilé. Et ass awer kee Personal, dat direkt vum Stat ofhängeg ass.

Dobäi kënnt nach, datt den Ënnerscheed tëschent den Agente vun der CSSF an dem anere Personal vun dëser Institutioun méi explizit gëtt. Nëmme d'Agente sinn assimiléiert un de Statsbeamtestatut. Eng Assimilatioun besteet awer och an de Carrière vum Employé a vum Aarbechter.

En anere wichtege Punkt sinn d'Dérogatiounen am Droit commun vum Fonctionnairesrecht. Esou Dérogatiounen kënnen net méi duerch e Règlement grand-ducal virgesi ginn, mä si ginn direkt an de Gesetzestext ageschriwwen.

Eng Haaptiddi vum Projet ass et der CSSF ze erméiglechen, fir héichqualifizéiert Personal ze rekrutéieren. Wéi ech schonns ugedeit hunn, war dat an der Vergaangenheet immens schwéier, well d'Konkurrenz vum Privatsektor grouss ass an dat zum Beispill um Niveau vun de Rémunératiounen. Dowéinst ginn e puer ganz konkret Mesure proposéiert.

D'CSSF kritt d'Méiglechkeet, fir d'Zuel an d'Kompositioun vun hirem Personal selwer ze bestëmmen. Dat soll duerch en Organigramm gemaach ginn, deem an de Budget vun der CSSF integréiert gëtt. D'Personalverriedung gëtt heizou en Avis of. Da gëtt den Dossier dem Conseil an dem Regierungsrot zur Approbatioun virgeluegt.

Op deem Punkt huet de Statsrot a sengem Avis vum 12. Dezember 2000 eng Opposition formelle gemaach. De Conseil d'Etat ass der Opfaassung, datt dee Pouvoir réglementaire, dee mir hei der CSSF zougestinn, net kompatibel mat eiser Verfassung wär.

D'Regierung, zesumme mat der Finanz- a Budgetkommissioun, huet dës Argumentatioun net ganz gedeelt an dat aus folgende Grënn:

Um Niveau vun der Nominatioun soll d'Direktioun vun der CSSF déiselwecht Attributiounen kréie wéi de Grand-Duc oder d'Regierung se huet am Kader vun de Statsbeamten. A sengem Avis zum Gesetz vum 23. Dezember 1998 hat de Statsrot selwer proposéiert, fir méi large Dérogatiounen zum Statut général vun de Statsbeamten virzegesinn. De Statsrot hat sech och an deem Avis d'accord erkläert mam Objektiv, fir der CSSF ze erlaben, hire Rekrutement selwer ze organiséieren. An der Praxis kann dësen Objektiv awer net duerch e Règlement grand-ducal realiséiert ginn.

Nom Artikel 2, Paragraph 3 vum Statut général vun de Statsbeamten, bestëmmt e Règlement grand-ducal d'Konditiounen vum Rekrutement am Statsektor.

Fir dem Statsrot senge verfassungsrechtleche Bedenke Rechnung ze droen, ass en Amendement gemaach ginn, deem expressément seet, dass dës Dispositioun aus dem Statsbeamtestatut fir d'CSSF net gëllt.

A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot seng Opposition formelle weider oprecht gehalen an dat mat enger relativ vager Argumentatioun, déi d'Finanz- an d'Budgetkommissioun awer net konnt iwwerzeegen. Dofir huet si sech fir den amendéierte Regierungstext ausgesprochen, deem der CSFF d'Méiglechkeet gëtt, fir hir Personalpolitik selwer ze bestëmmen.

D'Direktioun vun der CSSF huet d'Méiglechkeet fir supplementar Rémunératiounen ze ginn, wann dat sech als noutwendeg erweist. Dës Rémunératiounen sinn awer net pensionnabel. Dat ass zum Beispill de Fall wa ganz spezifesch Fonctiounen a Qualifikatiounen gesicht a gebraucht ginn. Dobäi kënnt nach, dass d'CSSF eleng kompetent ass, fir de Stage vun hiren Agenten ze organiséieren. Dës Stage fällt also net ënnert de Statsbeamtestatut. Dat justifiéiert sech duerch déi ganz spezifesch Bedürfnissen vun der CSSF an der héijer Komplexitéit vun hiren Missiounen.

En zweeten Hauptpunkt ass d'Erweiterung vun hiren Missiounen. D'CSSF kritt zwee Kompetenzberäicher bäi:

1. D'Kontroll vun de Pensiounsfongen, dat heescht, d'Société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) an d'Association d'épargne-pension (assep).

2. D'Iwwerwaachung vun den Domiziliatiounsaktivitéiten.

D'CSSF ass awer net zoustänneg fir d'Banque Centrale du Luxembourg an d'Finanzinstitutiounen vun der Europäescher Unioun.

An engem leschte Punkt gëtt de Finanzéierungssystem retouchéiert. D'CSSF ass censéiert fir en Autofinanzement iwwer Taxen ze maachen, déi se facturéiere kann.

Den initiale Gesetzesprojet gesäit keng Dotatioun zu Laaschte vum Statsbudget méi vir, wéi dat am Gesetz vum 23. Dezember virgesi war. Och op dësem Punkt huet de Statsrot eng Opposition formelle gemaach. Hie war der Opfaassung, dass dat supplementar Käschte fir d'Usagerë mat sech brénge géif.

Aus dësem Grond huet d'Regierung duerch en Amendement erëm eng Dotatioun iwwer fënnef Milliounen Euro zu Laaschte vum Statsbudget virgesinn. Weiderhin huet d'CSSF d'Méiglechkeet, fir selwer Emprunten ze maachen.

Ofschléissend wëll ech nach soen, dass dës Gesetzprojet wichteg ass fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg. Hie gëtt der CSSF d'Mëttel an d'Moyene fir hir Missiounen kënnen ze erfëllen. Domat dréit hien dozou bäi, dass d'Spillregele vun der Finanzplaz respektéiert ginn. Aus dësem Grond hoffen ech, dass de Gesetzprojet eng breet Zoustëmmung an der Chamber fanne wäert.

Ech wëll och am Numm vu menger Fraktioun den Accord dozou ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Mme Mady Delvaux freet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, ech hunn den ausféierlechen Erklärungen vum Rapporteur, dem Här Clement, näischt bäizefügen. Ech wëll och sengen Hoffnungen eng positiv Äntwert bréngen an den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Merci, Mme Delvaux. D'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1998 war jo eng nei Institutioun geschafe gi fir d'Iwwerwaachung vum Finanzsecteur ze garantéieren, nämlech d'Commission de surveillance du secteur financier (CSSF). Dës Kommissioun huet d'Aufgabe vum IML a vum Commissariat aux Bourses iwwerholl. An der Tëschenzäit huet eis Finanzplaz jo immens évoluéiert an et läit op der Hand, dass d'Finanzoperatiounen vill méi komplex gi sinn an dass leider d'Tendenz zu Abüen net ofgehall huet, esou dass eng effikass Kontroll vun de Finanzoperatiounen vu gréisster Wichtigkeet ass.

Et ass och gewosst, dass eis Finanzplaz leider permanent e bëssen an der Schosslinn ass an dass all Feeltrett och Fudder fir d'Neider vun dëser Plaz ass.

D'Kompetenze vun der CSSF sinn an der leschter Zäit schonn erweidert ginn. Ech wëll nëmmen drun erënnere, dass mer déi viereg Woch hei de Projet de loi 4708 gestëmmt hunn iwwer d'Echanges d'Informations, wou dann och d'Kompetenze vun der CSSF vergréissert ginn.

Datselwecht geschitt am Fong geholl zum Deel haut och duerch dëst Gesetz.

Déi kruzial Fro, déi een natierlech ëmmer erëm muss stellen, ass, ënner wéi enger Form dass d'CSSF soll funktionnéieren. Am Fong ass hir Aarbecht jo esou wéi déi vun enger renger Statsverwaltung, déi eng Aufgab ze erfëllen huet, déi u sech och kloer zu de primäre Missiounen vun engem Rechtsstat gehéiert.

1998 huet de Léislateur sech dofir decidéiert, fir eng sougenannte Mëschform anzeféieren. Haut gëtt u sech dës Attitüd duerch de Projet de loi 4588 zementéiert. Dat heescht, d'CSSF ass jo en Etablissement public, mat enger anerer Personnalité juridique wéi de Stat. Dass d'CSSF och net kann esou funktionnéiere wéi e rigide Statsapparat, dars si mer eis alleguer hei bewosst. Dat bréngt dann och mat sech, dass d'Personal u sech e spezifesch eegene Statut huet. Si sinn zwar assimiléiert Statsbeamten, mä hunn awer gewëssen eegene Modalitéiten a verschiddene Punkten. Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, dass si fir eng Promotioun ze kréien net onbedéngt mussen en Examen maachen.

Et ass dann och zousätzlech en Traitementselement dran, well jo op Grond vum Artikel 14.7. deen eenzelne Beamten op Basis vu senger Qualifikatioun, respektiv vu senger Fonctioun e Supplément de traitement ka kréien. Dat huet de Virdeel, datt et méi einfach gëtt vläicht gutt Leit aus dem Privatsecteur ze rekrutéieren, déi ee virun allem brauch, fir där Aarbecht do kënnen nozekommen. Mir wësse jo och, dass d'CSSF ugewisen ass op Leit, déi grouss Kenntnisser hunn a Finanzfroen.

Fir en effikasse Fonctionnement vun der CSSF ze garantéieren huet d'Kommissioun och d'Méiglechkeet sech esou wäit wéi méiglech selwer ze organiséieren. Allerdéngs besteet jo - an dat ass och richtig esou - nach en enke Lien zum Stat. Dat gëtt doduerch symboliséiert, datt de Stat der CSSF all Joer eng Dotatioun zoukomme léisst an datt och den Organigramm muss vum Stat approvéiert ginn.

Schlussendlech däerf een net vergiessen, dass d'Pensiounen vun de Beamte vun der Kommissioun och vum Stat bezuelt ginn.

Et muss ee sech natierlech an deem Kontext elo vläicht d'Fro stellen, wéi wäit de Stat verschidde Servicer méi soupel organiséiere kann, virun allem och wat d'Personal ubelaangt, wéiwäit datt e ka vum Originalstatut ofréckelen. Allerdéngs muss een dovur warnen, net dozou iwwerzegoen, fir elo Statuter à la carte ze maachen.

D'DP ass allerdéngs der Meenung, datt wat d'CSSF ubelaangt, hei eng gutt Léisung fonnt ginn ass, déi et u sech erlaabt, staatlech Missiounen mat engem klengen privatwirtschaftlechen Touch auszeféieren.

Well eben dëst Gesetz, wéi de Rapporteur Lucien Clement dat scho gesot huet, deem ech nach wëll félicitéiere fir säi schrëftlechen a mündlechen Bericht, wichteg ass fir d'Evolutioun vun der Finanzplaz, wäert d'Demokratesch Partei selbstverständlech dëse Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci Här Graas. D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, ech wëll just den Accord vu menger Fraktioun zum Projet ginn.

M. le Président.- D'Wuert het den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëll och just den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Ech huelen un, datselwecht mécht den Här Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Awer net grad! Ech hunn e puer Bemierkungen dozou ze maachen, an ech gesinn, dass den Här Minister sech freet, dass e vläicht d'Geleeënheet kritt zousätzlech Saachen ze erklären, déi net vun aneren Deputéierten hei ugeschnidde gi sinn.

Ech sinn der Meenung, dass déi Roll, déi dës Iwwerwachungskommissioun huet, eng staatlech Fonctioun ass an dofir och misst gefouert ginn ënnert der staatlecher Verantwortung.

Déi Struktur, déi mer elo hunn, ass eng Aart Zwitter, wou et deelweis dat eent an deelweis dat anert ass. Et gëtt elo eng juristesche Persoun, déi awer onofhängeg vum Stat ass, a Form vun engem Etablissement public.

D'Méiglechkeet ass vläicht doduerch entstanen, dass ee bestëmmte Schwierigkeete fënnt bei der Rekrutierung vum Personal an dass dat iwwer en Etablissement public vläicht méi einfach ass.

Mä wann een da gesäit wat fir eng Bestëmmungen, dass do kënne geholl ginn, wat d'Remunératiounen ubelaangt, déi zum groussen Deel, menger Meenung no, spezieller Aart sinn a kënnen e bestëmmten Arbitraire an déi ganz Saach materabréngen.

Déi zweet Bemierkung, déi ech dozou wëllt maachen, ass, dass wann ee Personal rekrutéiert, dat net de Statut vum Statsbeamten huet, et wuel och méiglech ass, Personal ze rekrutéieren, dat eng aner Nationalitéit huet wéi déi Lëtzebuergesch, woubäi ech dann de Problem gesinn, dass wann den Eed muss gelescht ginn, vläicht Verschiddener vun enger anerer Nationalitéit Schwierigkeeten hunn, fir den Eed op eis Konstitutioun ofzeleeën oder op d'Fidélitéit zum Grand-Duc an esou ähnlech Saachen.

Dat ass eng Fro, déi ech zousätzlech hei géing stellen. Ass et bei deem Etablissement public net awer esou, dass nëmme Leit mat Lëtzebuurger Nationalitéit zougeloooss ginn, oder, well dat hei jo awer keng tragend Fonctioun vum Stat ass, méiglecherweis och Auslänner? Da gesinn ech e bestëmmte Widdersproch mat deem Eed, deen déi do musse leeschten.

M. le Président.- Merci, Här Bisdorff. Dat war, wann ech richtig gesinn, dee leschte Riedner. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Zu enger gutt funktionnéierender Finanzplaz gehéiert net nëmme e gudde juristesche Kader, dee Rechtssécherheet schaaft fir d'Transaktiounen, déi sech do ofspillen, mä och eng effikass kompetent a schnell Aufsichtsbehörde, en Organe de surveillance, wat an dësem Fall d'CSSF ass. Déi muss besser si wéi déi, déi

se muss iwwerwaachen an dofir brauch se och Leit, déi mat där néideger Kompetenz dat kënne maachen.

Dëst Gesetz soll dat assuréieren. Et ass also e wesentlech Stéck, fir datt déi Finanzplaz gutt ka funktionnéieren. Si huet par rapport zu anere Verwaltungen oder Organer vum Stat déi Particularitéit, dass se méi enk a Konkurrenz steet mat deenen, déi se iwwerwaacht an och Leit an deemselwechte Milieu rekrutéiert. Och dofir muss se salairesméisseg konkurrenzfäeg sinn. Mä si huet awer och déi Particularitéit par rapport zu anere Verwaltungen, datt se net aus dem Statsbudget bezuelt gëtt, mä datt déi Leit, déi iwwerwaacht ginn, déi Banken an déi Professionnels du secteur financier, och zu de Fonctionnementskäschtchen vun der CSSF bäidroen. Et grevéiert also net de Steuerzueler hir Kontributioun zum Statsbudget, mä et ass den normale System, dass deen, deen iwwerwaacht gëtt, och muss kontribuéieren zu de Käschtchen, déi dës Iwwerwaachung mat sech zitt.

Dofir mengen ech, dass dat hei e gutt Gesetz ass, dat och heibanne schéngt eng breet Zoustëmmung ze fannen. Fir de Moment schaffe bei der CSSF nëmme Lëtzebuurger Statsbierger. Doraus kënnt och zum Deel deen Eed op d'Verfassung an d'Gesetz vum Land, mä et géing mech net stéieren, wann Auslänner do géinge schaffen, well dee Moment, wou se do schaffen, huele se Deel um Exercice vun enger hoheitlecher Aufgab an dofir mengen ech, ass et normal, dass déi, déi sech op esou e Wee beginn, och hire Respekt virun den nationale Gesetzger ausdrécken.

An deem Sënn sinn ech frou am Numm vun der Regierung, datt dës Projet hei schéngt ugeholl ze ginn. Ech wollt der Finanzkommissioun an hirem Rapporteur, dem honorablen Här Clement, fir déi gutt Aarbecht villmools merci soen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Ech géif proposéieren, dass mer d'Voté regroupéieren a se um Enn vun der Sëtzung virhuelen.

Ech ginn elo Lecture vun den Artikelen vun dësem Projet.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo un den nächste Projet de loi 4751, bei deem et ëm déi double Imposition an d'Fraude fiscale mat der Republik Island geet.

De Rapporteur ass den Här Norbert Haupt.

Et si bis elo ageschriwwen déi Häre Krecké, Graas, Bausch a Bisdorff, jidderee mat enger Minutt, sou

dass ech dovun ausginn, dass mer ganz rapid duerch dës Projet kommen.

Den Här Rapporteur huet d'Wuert.

2. Projet de loi 4751 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Islande tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 4 octobre 1999

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupt (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Duebelbesteierungsofkommes mat Island ass net ganz nei. Et huet schonn ëmmer eng Konventioun mat Island bestanen, déi sech ausschlieslech op d'Besteierung vun de Fluggesellschaften beschränkt huet. Sait d'Icelandair awer Lëtzebuerg net méi uflitt an och keen Etablissement stable méi hei zu Lëtzebuerg huet, ass déi Konventioun am Fong geholl iwwerflësseg ginn. Well Island awer fir Lëtzebuerg e wirtschaftlechen Interesse kann hunn, ass eng nei Konventioun, déi all besteierbare Revenu betrëfft, ënnerschriwwen ginn.

Well ech d'lescht Woch eréischt bei der Konventioun mat der Ukraine am Detail op esou eng Konventioun agaange sinn, wëll ech mech haut op d'Ofwäichunge vun dëser Konventioun zu der Convention-type vun der OCDE beschränken.

Et sinn dat d'Pensiounen, déi an deem Land, dat se ausbezillt, besteiert ginn. Dat ass eng Dérogatioun zu der Convention OCDE, déi Lëtzebuerg zougestane kritt, well de Stat zum gréissten Deel zum Finanzement vun eise Pensiounen bäidréit.

Eng zweet Dérogatioun ass déi vun der Besteierung vun den Dividenden. Hei ass den übleche Prélèvement à la source, dee 5, respektiv 15 % ausmécht, virgesinn. Well awer an Island déi Dividenden, déi un d'Aktionären ausbezillt ginn, bei de Gesellschaften vum besteierbare Bénéfiss kënnen ofgesat ginn, ass hei eng Mesure transitoire virgesinn, esou laang wéi Island déi Dispositioun huet, dass déi Dividenden, déi un e Lëtzebuurger bezuelt ginn, net zum Taux vu 5 %, mä zu engem Taux, deen doriwwer läit, mä deen awer maximal ka 15 % ausmaachen, besteiert ginn.

Dat hei ass déi 41. Konventioun, déi mer mat engem Land ënnerschreiwen. Den honorablen Här Krecké hat gefrot, mir sollen emol eng Kéier déi Lëscht bäileeën. Mir hunn dat och gemaach. Dir gesitt, dass mer mat